1-2021-0-R-6938-01 (n° 3757)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Séance plenière 8.02.2022

Lëtzebuerg, den 08/02/2022

# Resolutioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- dass d'Mini-Entreprise "Struggirls" aus dem Wolzerlycée déi flott Initiative gestart hunn, fir Apparater mat gratis Binden an Tamponen an Toiletten z'installéieren, wou dann all Persoun sech dat kann huelen, wat se brauch;
- dass d'Gemenge Walfer a Stad schonn Apparater mat Hygiènesproduiten op ëffentlechen Toiletten installéiert hunn;
- dass den Educatiounsministère Interessi gewisen huet, fir a 37 Lycéeën esou Apparater z'installéieren;
- dass d'Chamber hei sollt eng Virbildfunktioun fir aner Patronen am Land anhuelen.

**Aus dëse Grënn decidéiert d'Chamber vun den Deputéierten:**

1. an all de Gebaier vun der Chamber Apparater mat Hygiènesproduiten an den Toiletten z'installéieren.

Marc Goergen

Sven CLEMENT